piraten.lu

N° 3973
Entrée le 22.04.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.04.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

Am Telekommunikatiounssecteur zu Lëtzebuerg ginn et laut aktuellen Informatiounen déi meescht vun der ILR festgestallte Litigen tëscht Konsumenten an Ubidder. Dës Konflikter betreffen ënner anerem Froen zu de Konditioune vun de Kontrakter, Facturatioun an d'Qualitéit vun de Servicer, wat op eng systematesch Problematik am Secteur hindeite kéint.

Zousätzlech gëtt en neit Instrument zur Verfügung gestallt, dat d'Offere vun den Telekommunikatiounsentreprise vergläiche soll, an dëst ab Freideg als Applikatioun. Et ass wichteg ze verstoen, wéi dëst Instrument konzipéiert ass, wéi et d'Konsumenten effektiv schütze kann, a wéi eng Roll d'Regierung an d'Reguléierungsbehörden bei der Kontroll vum Secteur spillen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Litigen tëscht Konsumenten an Telekommunikatiounsubidder goufen an de leschten dräi Joer beim Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR) a bei der Union Luxembourgeoise des Consommateurs (ULC) registréiert, a wat sinn déi heefegst Grënn fir dës Konflikter?
2. Wéi eng Moossnamen huet d'Regierung geholl oder plangt se ze huelen, fir d'Unzuel vun de Litigen am Telekommunikatiounssecteur ze reduzéieren?
3. Wéi gouf dat neit Vergläichsinstrument fir Telekommunikatiounsofferen entwéckelt, wéi eng Instanz ass fir seng Richtegkeet a Vollstännegkeet verantwortlech, a wéi gëtt garantéiert, datt d'Daten, déi doran enthale sinn, aktuell an objektiv sinn?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Wéi eng Sanktiounsmechanismen existéieren, wann Telekommunikatiounsubidder géint d'Verbraucherrechter verstoussen, a ginn dës als effektiv ugesinn? Ginn d'Sanktioune verstäerkt wann et sech ëm e widderhuelt Feelverhalen handelt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten